N° 7031
Entrée le 15.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung a vun der Ministesch fir Konsumenteschutz op d'parlamentaresch Fro n° 7031 vum éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

**1. Plangt d'Regierung eng obligatoresch Kennzeechnung fir d'Fleesch an der fräier Vente, fir dass de Konsument op den éischte Bléck erkennt, ob et sech em lëtzebuerger Fleesch handelt oder em auslännescht? Wa nee, firwat net?**

Déi europäesch Gesetzgebung gesäit eng obligatoresch Etikettéierung vum Fleesch vu verschiddenen Déierenaarten (Rand, Schwäin, Schof, Gees a Gefligel) vir betreffend d'Hierkonft vum Fleesch. Dës Etikettéierung muss op all agepaaktem Fleesch drop sinn, a wann d'Fleesch onverpaakt iwwert d'Théik verkaaft gëtt, kann de Konsument de Verkeefer zu all Moment no der Hierkonft vum Fleesch froen, deen dann déi Informatioun weider muss ginn.

**2. Plangt d'Regierung eng obligatoresch Kennzeechnung vun den Haltungskonditioune vun den Déieren, änlech wéi et dëst schonn an Däitschland gëtt? Wa nee, firwat net?**

Wat d'obligatoresch Kennzeechnung vum Fleesch betreffend d'Haltungskonditiounen ubelaangt, ass de Moment op nationalem Niveau net virgesinn des anzeféieren. De Ministère ass hei en Faveur vun enger europäescher Léisung a waart of, wéi eng Virschléi d'Kommissioun 2023 wäert am Kader vun der Reforme legislative betreffend den Déiereschutz proposéieren, wou och d'Kennzeechnung vun den Haltungsforme soll mat ofgedeckt ginn.
Fir de Moment gëtt et op europäeschem Niveau esou eng obligatoresch Kennzeechnung vun den Haltungsforme just bei den Eeër.

**3. Huet d'Regierung eng laangfristeg Strategie, wéi si de Konsument besser iwwert déi qualitativ Ënnerscheeder an ënnerschiddlech Haltungskonditioune beim Fleesch wëll informéieren?**

D'Regierung huet viru kuerzem eng offiziell Agrémentsdemarche (Unerkennung) vun de Labelen agefouert (Loi du 3 juin 2022 relative à l'agrément d'un système de qualité ou de certification des produits agricoles). An dësem Kontext gëtt de Kader geschaf, fir dass den interesséierte Konsument sech informéiere kann, wéi eng Laaschtenheftkrittäre bei engem bestëmmte Label iwwert déi normal gesetzlech Obligatioune rausginn. Hei ginn et eng 30 Krittären, déi op 3 Pilier'en opgedeelt sinn (Qualité-Saveur, Régional-Solidaire, Environnement-Bien-être animal). Fir eng offiziell Unerkennung als Qualitéitslabel ze kréien, muss ee Label innerhalb vun all Pilier mindestens 3 Krittären erfëllen. Nieft der Agrémentsdemarche ass et och virgesi fir laangfristeg Informatiounscampagnen zum Thema Qualitéit vu Liewensmëttel ze maachen.

Lëtzebuerg, den 15. November 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung

(s.) Claude Haagen